



iwwerdroen. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Yves Cruchten.

4. 6932 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux,

2. de la loi du 24 décembre 1985 réglementant le droit de grève dans les services du secteur communal,

3. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et

4. de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Villmools Merci. Dir hutt et elo grad gesot, Här President, den Objet vun dësem Projet de loi ass d'Ëmsetzung am Gemengeseक्टर vun de Reformen an der Fonction publique, déi mer de 24. Mäerz 2015 hei gestëmmt hunn an déi den 1. Oktober 2015 a Kraaft getruede sinn.

Am Kader vun dëser Reform sinn eng Rei Mesurë geholl ginn, déi och elo op de Gemengeseक्टर iwwerdroe ginn. Mir haten hei am Haus eng laang an och eng breet Debatt iwwert déi Reform am Joer 2015, duerfir brauch ech net méi op all eenzelne Punkt aus dësen Neierungen anzegoen.

Hei just als Rappel awer déi Haaptelementer vun der Reform:

- De Service provisoire gëtt vun zwee op dräi Joer eropgesat.

- Nei agefouert gëtt e Plan d'insertion professionnelle, wou e Beamten am Service provisoire eng Basisformatioun kritt, déi op déi Aarbecht zougchnidden ass, déi e reell op sengem Poste maache muss.

- D'Gestion par objectifs gëtt agefouert. Dat beinhalt, dass all Gemeng an Zukunft en Organigramm muss hunn, Description des postes a Plan de travail individuel, grad ewéi déi individuell Bewäertung vun der Leeschtung an de Kompetenze vun de Gemengebeamten.

- An Zukunft gëtt d'Méiglechkeet ausgeweit, Leit mat héije Qualifikatiounen a besonnescher beruflecher Erfahrung ze rekrutéieren.

- Aféierung vun engem Congé linguistique, wou déi Leit, déi eng Dispens kruten, déi feelend Sproochekenntnisser kënnen nohuelen. Och aner Gemengebeamte kënnen dëse Congé linguistique notzen, fir hir Sproochekenntnisser ze verbessern.

- Nei Bestëmmungen, déi et erlaben, e Gemeengebeamten zum Beispill un e Syndikat oder un eng Gemeng ze detachéieren. Ech kommen awer herno op deem dote Punkt nach eng Kéier zréck.

- Méiglechkeet, fir en Employé vun der Gemeng no 15 Joer ënner bestëmmte Bedingungen ze fonctionnariséieren.

- Präzisatiounen, wat d'Streikrecht am Gemengeseक्टर ugeet.

- A kleng Upassungen um Niveau vun der Terminologie, déi sech aus dem Statut unique erginn.

De Statsrot huet sech net méi generell zur Reform geäussert. A sengem éischten Avis vum 21. Juli 2016 huet hien Artikel fir Artikel iwwerpréift, ob d'Reform, déi bei de Statsbeamte gemaach gouf, korrekt op de Gemengeseक्टर iwwerdroe ginn ass, fir sécherzestellen, dass et eng Égalité de traitement gëtt tëscht deenen zwee Secteuren. Ennerscheeder si just nach dann akzeptabel, wann et objektiv Argumenter gëtt, déi et onméiglech maachen, déi zwee Secteuren d'selwecht ze behandelen.

A sengem éischten Avis hat hien eng ganz Rei Virschléi a kritesch Remarquë gemaach, deenen d'Kommissioun dunn och Rechnung gedroen huet. Zu eenzelne Punkten hat hien och méi detailléiert Informatiounen nogefrot, déi d'Kommissioun du mat hiren Amendementer vum 27. Oktober 2016 nogeliwwert huet.

E Knackpunkt ass awer bliwwen, an dee betrëfft den Detachement vu Gemengebeamten. Den initialen Text vum Projet de loi huet eng Dispositioun virgesinn, dass de Schafferot e Gemengebeamte ka fir maximal zwee Joer an eng aner Gemeengeverwaltung, an e Gemengesyndikat oder en Établissement public communal oder soss nach an eng international Organisation detachéieren.

Wann et sech dobäi net ëm e Gemengesyndikat handelt, wou d'Gemeng selwer Member ass, da muss de Beamte säin Accord zu deem

Detachement ginn. De Statsrot huet doranner eng Ongläichbehandlung gesinn, well d'Statsbeamten ouni hiren Accord ze gi kënnen detachéiert ginn. Hien huet op deem Punkt eng Opposition formelle gemaach.

D'Chamberskommissioun huet dozou Stellung geholl an erklärt, dass am Géigesaz zu engem Statsbeamten, deen an eng aner staatlech Administratioun detachéiert gëtt, de Gemengebeamten net nëmmen d'Plaz, mä och de Patron wiesselt an duerfir säin Accord gefrot gëtt. De Statsrot huet dat Argument awer net unerkannt, well a sengen Aen de Statsbeamten, deen an eng international Organisation detachéiert gëtt, am selwechte Fall wier.

Mir hunn dee Punkt nach eemol an der Kommissioun diskutéiert a sinn awer bei där Iwwerzeegung bliwwen, dass een e Gemengebeamten net géint säi Wëllen an eng aner Gemeng oder an e Syndikat, an deem d'Gemeng net Member ass, kann transferéieren. De Statsrot hat sech d'Méiglechkeet opgehalen, fir op deem Punkt d'Dispens vun zweete Vott eventuell net ze ginn. Mä mir hoffen awer, dass de Statsrot um Enn d'Argumenter vun der Chamberskommissioun kann novollzéien an déi Dispens trotzdeem gëtt.

De Statsrot hat nach en zweeten Avis complémentaire ofginn, den 28. Februar dëst Joer, wou e sech allerdéngs ausschliisslech op e Regierungsamendement bezitt, deen den Délai vun der Entrée en vigueur vun dësem Gesetzesprojet betrëfft. D'Amendement huet d'Zil, fir d'Ëmsetzung ze akzeleréieren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et bleift nach eng generell Remarque, déi souwuel de Statsrot wéi och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics gemaach huet. Si betrëfft déi praktesch Ëmsetzung vun der Reform. Et gëtt do eng gewësse Suerg, dass grad d'Gestion par objectifs an déi individuell Bewäertung vun der Leeschtung vun de Leit an alle Gemengen d'selwecht sollte gemaach ginn, wat besonnesch am Ufank sécher net ganz einfach wäert sinn.

Fir déi, déi net esou kënneg si mam Gemengeseक्टर, sief nach gesot, dass all déi Elementer vun der Reform, déi d'Traitement, d'Indemnitéiten oder d'Carriären uginn am Gemengeseक्टर, iwwer Reglementer an net iwwert d'Gesetz geregelt sinn.

Den Innenministère huet och all dës Bestëmmungen aus der Reform beim Stat iwwerholl an a Reglementer dann transposéiert, soudass ee prett ass, nom Vott vun dësem Gesetz respektiv sengem Akraafttrieden dann de Gemengeseक्टर un déi nei Bestëmmungen vun der Fonction publique erunzeféieren. Dat Ganzt war eng laangwiereg an och eng komplizéiert Aarbecht. Et huet och 18 Méint gedauert no dem Akraafttriede vun der Reform beim Stat. Dat schéngt laang, ass awer am Verglach mat viregte Reformen nach zimlech séier gaangen. 1979 huet et sechs Joer an aacht Méint gedauert an am Joer 2003 huet et dräi Joer an dräi Méint gedauert, bis d'Reforme beim Stat endlech och bei de Gemengen ëngesat waren.

Duerfir gehéiert et sech, mengen ech, am Numm vun der Kommissioun den Innenminister a seng Beamten ze luewe fir déi vill Aarbecht, déi si sech gemaach hunn. Besonnesch gutt gefält et engem ze gesinn, dass am Gemengeseक्टर selwer, wou - an dat muss ee wëssen - op all eenzelner vun deenen 105 Gemengen, de Syndikater an och Etablissement-publicken e Personalservice funktionéiert, sech concertéiert gouf a matgeschafft gouf. Dat-selwecht gëllt och fir d'Gewerkschaften aus dem Gemengeseक्टर vun de Gemengebeamten, déi Hand mat ugeluecht hu fir d'Gelänge vun dëser Reform.

All deenen, déi elo op deene verschiddene Gemengen a Syndikater d'Ëmsetzung vun dësem Gesetz an de Reglementer musse garantéieren, wënschen ech vill Courage. Ech weess aus ee-gener Erfahrung - ech hunn dat zéng Joer laang gemaach -, wéi schwéier dat ass, ze-mools wann een, wéi an deenen allermeeschte Gemengen, d'Paien, d'Carriären an och d'Personall'affären nach esou niewelaanscht muss behandelen an dat net als Haaptjob mécht, well d'Gréisst vun der Gemeng dat einfach net hiergëtt.

Dat alles gesot, erënneren ech drun, dass de Rapport eestëmmeg an der Kommissioun guttgeheescht gouf, an ech ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Rapporteur Yves Cruchten. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Madamm Presidentin. Ech soen och dem Yves Cruchten Merci fir säi schrëftlechen an och mëndleche Bericht. Et ass richtig, dass e präziséiert huet, dass et hei ëm de Statut vun de Gemengebeamte geet an net dat, wat oft dobause fälschlecherweis gemengt gëtt, dass hei och schonn déi Dispositiounen dra wieren, wat d'Avancementsméiglechkeete wieren, nottamment vun de Gemengereceveure respektiv vun de Gemengesekretären. Dat kënnt an engem zweete Volet. Hei geet et also reng ëm de Statut. An duerfir, mengen ech, ass och jiddwereen dermat befläss, fir dass déi Dispositiounen, déi mer an der Fonction publique fir d'Statsbeamte guttgeheescht hunn, och hei fir d'Gemengebeamte kënnen spillen.

De Knackpunkt, de Rapporteur huet dat gesot, ass effektiv eng Opposition formelle vun dem Statsrot, sous peine dass e seet: „Ech ginn net d'Dispens fir den zweete Vote constitutionnelle.“ Wann d'Opposition esou eng Virlag kritt a si kuckt en Text gäre kritesch, dann hält se déi normalerweis gären op. Mä hei ass et esou, ech mengen, mir hunn dat Engagement geholl bei der Fonction publique, bei de Statsbeamten, dass mer dat wëlle mat ëmsetzen. An d'CSV wëllt dat hei och ganz kloer fir d'Gemengebeamte mat ëmsetzen.

Wann een den Detail kuckt, wat d'Argumentatioun vum Statsrot ass, dann ass déi a priori net vun der Hand ze weisen. De Statsrot seet, wéi de Rapporteur et richtig gesot huet: „Mä e Statsbeamte ka während zwee Joer vun enger Verwaltung an déi aner detachéiert ginn, vun engem Ministère an deenen aneren detachéierte ginn, och esouguer an en Établissement public, deen de facto eng aner Personnalité juridique huet, ouni den Accord vun deem Statsbeamten.“

Bei der Gemeng, an dat war och de Wunsch, mengen ech, vun dem Syvicol, wéi ech duerch de Mond vu sengem President, dem Emile Eicher, héieren hunn, soe se elo: „Mir kënnen net d'ganzt Land als ee gesamte kommunale Secteur huelen, well d'Befindlechkeeten anerer sinn, an duerfir wëlle mir dat net.“ Et ass och, mengen ech, e Schutz vun deem eenzelne Gemengebeamten, well wann esou en Detachement géif geschéien ouni den Accord vun dem Gemengebeamten, da kéint deen - ech weess net -, wann eng Zoustëmmung vun den zwee Schafferéit respektiv vun zwou Gemenge wier, le cas échéant vu Rëmeleng douewen op Wäiswampech detachéiert ginn ouni säin Accord.

Duerfir menge mir och als CSV - duerfir hu mer de Rapport och matgestëmmt -, dass een dat aus pragmatischer Sicht sollt kucken, an och da si mer eis trei vun eiser strikter Lektür vun der Gemengenautonomie. Mir hunn dann awer och an der Kommissioun drop higewisen, wat de Risiko ass: De Statsrot huet en Avis ginn, wou e gesot huet, hei wier en indirekte Verstouss géint de Gläichheetsprinzip. De Risiko ass natierlech deen, wann herno eng Kéier ee bei dem Stat net d'accord wier mat engem Detachement, deen ouni säin Accord geschitt wier, kéint en natierlech a contrario déiselwecht Argumentatioun an den Avis vun dem Conseil d'État huelen.

Mir sinn einfach der Meenung, dass dat hei relativ rar wäert de Fall sinn, well dat an der Praxis, wann ee Gemengebeamte jo vun enger Gemeng op déi aner sollt oder muss detachéiert ginn, voraussetzt, dass den Accord nach ëmmer souwiesou schonns muss si vun deenen zwee Schafferéit, dat heescht, vun deenen zwee Patronen, wou en da wiesselt.

Aus all deene Grënn, Madamm Presidentin, ob-schonns hei eng Opposition formelle vun dem Statsrot ass, wëlle mir aus pragmatische Grënn dësem Gesetzesprojet zoustëmmen. Dat-selwecht wäerte mer och maachen, wann dann eben d'Dispens vun dem zweete Vote constitutionnelle net sollt kommen, an engem zweete Vott, deen da gegebenenfalls unhängeg ass.

Fir de Rescht soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn d'Zoustëmmung selbstverständlech vun der CSV-Fraktioun.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Roth. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Madamm Presidentin. Et ass jo näischt ganz Alldeegleches, wann een iwwer eng Opposition formelle vun dem Statsrot ewechgeet, wéi mir dat dann haut, denken ech, eestëmmeg maachen, esou wéi ech et zumindest aus der Chamberskommissioun eraushéieren hunn. A voir! Mir riskéieren domat, dass mer an dräi Méint heimat nach eng Kéier befaasst ginn.

Mir haten, an dofir wëll ech der Regierung felicitéieren, ursprënglech am Gesetzestext stoen,

dass dat Ganzt sechs Méint nom Vott géif a Kraaft treden. Do ass en Amendement gemaach ginn, dass dat ee Mount duerno wier, dat heescht, dass mer keng Zäit géife verléiere fir d'Akraafttrieden, souguer wa mer an dräi Méint fir d'Zweete viele ginn, well dräi plus eent gëtt véier, wéi mer alleguer wëssen, also manner wéi sechs.

Deemno Felicitatioun der Regierung, awer och dem Rapporteur fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn heimt dann och den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Hahn. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Roberto Traversini.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- Merci, Madamm Presidentin. Et ass alles gesot. Den Accord vun der grënger Fraktioun hutt Der.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci och lech. Dann als nächsten den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et kritt een emol keng Zäit, de Gummibäerche fäerdeg z'ïessen.

(Hilarité)

Merci, Madamm Presidentin. Och vun eiser Säit aus e Wuert vu Merci un de Kolleeg Yves Cruchten als Rapporteur. D'ADR wäert och dëse Projet stëmmen, esou wéi mer an der Kommissioun och de Rapport matgestëmmt hunn. Mir hu just eppes, wat mer wëllen hei ze bedenke ginn, dat ass den Artikel 2 vun dësem Gesetz, deen am Fong seet, datt exceptionnellement de Gemengerot Poste kreéiere kann - „hautement spécialisé“ steet am Gesetz -, wou een net brauch zwou vun deenen dräi offizielle Sproochen hei am Land ze kennen. A wann de Posten zweemol ausgeschriwwen ass, da kann een och drop eriwergoen, fir bei enger drëtter Ausschreiwung eng Persoun ze huelen, déi nëmmen eng vun deenen dräi Sprooche schwätzt, also net onbedéngt misst Lëtzebuer-gesch schwätzen, fir dee Poste bei der Gemeng ze kréien.

Quitte datt et hei déi drëtt Ausschreiwung dann ass, iwwert déi mer diskutéieren, stellt sech dach awer d'Fro hei, déi ech dem Här Minister wëll stellen, Madamm Presidentin: U wat fir eng Posten gëtt hei geduecht - well dat extra muss hei an d'Gesetz kommen -, wou ee muss héich spezialiséiert Leit hunn? Wat fir eng Leit sinn dat, déi ee mengt, net hei am Land ze fannen, déi Lëtzebuer-gesch kéinte schwätzen, datt een dat extra hei an e Gesetz aschreift, fir déi Méiglechkeet ze schafen? Et ass e bësse verwonnerlech, datt et esou Poste bei Gemenge solle ginn, wou een hei am Land dat net kéint fannen, soudatt een extra déi Méiglechkeet am Gesetz virgesäit.

Domadder hu mer effektiv e Problem, mä wéi gesot, mir stëmmen awer d'Gesetz. Wéi wäit datt dat ka féieren - an et ass dat, wou mer drop zréck wëlle féieren -, dat ass, wa mer kucken, wéi et elo beim LuxTram ass. Beim LuxTram huet mäi Frënd Fernand Kartheiser eng Fro gestallt, wéi et méiglech ass, datt do am Fong d'Franséisch als d'Haaptsprouch benotzt muss ginn. An d'Poste ginn och esou ausgeschriwwen, ob-schonn datt LuxTram 50% Stat a 50% Gemengen ass.

Elo kréie mer dann zréckgeschriwwen: Ma dat wier zréckbehalde ginn, als operationell Sprooch Franséisch, well dat ebe mat de Mataarbechter, mat der Sécherheet, mat de Programmen a mat de Bestëmmungen ze dinn hätt, déi op Franséisch wieren. A fir de gudden Ofaf do-vunner ze sécheren, wier dann eben d'franséisch Sprooch als operationell Sprooch zréckbehalde ginn. An et ass och esou ausgeschriwwen ginn, dee Posten, also datt ee muss Franséisch kënnen, fir beim Tram ze fueren an „et kann een“ och Lëtzebuer-gesch schwätzen. Mä „et muss een“ Franséisch schwätzen. An ech fannen, datt dat extrem wäit geet! Da stellen ech mer d'Fro,...

(Interruption)

...wéi et da bei der Eisebunn ass.

(Interruption par M. François Bausch)

Ouh? Schreift d'Eisebunn Posten aus, Här Minister Bausch, wou drasteet, et misst ee Franséisch kënnen an et bräicht een net Lëtzebuer-gesch ze kënnen? Dat géif ech awer mol gäre gesinn!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Neen, dat ass...



► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ma esou sinn d'Posten awer beim Tram ausgeschriwwen ginn. Et ass gesot: Et muss ee Franséisch schwätzen an et kann een och nach derbäi Lëtzebuergesch schwätzen. Do gesäit een, wéi wäit dat geet. An et gesäit een och, Madamm Presidentin, wéi eescht datt et der Regierung mat der Lëtzeburger Sprooch gemengt ass,...

(Brouhaha)

...wann hei an engem staatleche Gemengeservice elo als éischt Sprooch Franséisch muss geschwat ginn,...

(Interruption par la présidence)

...an datt een eventuell och nach ka Lëtzebuergesch schwätzen.

Mir hate proposéiert, datt een hätt kënne kucken, Leit vum Härebiereg - wou mer jo Problemer hunn, fir déi Leit placéiert ze kréien, déi se do hunn, an déi sollte jo an den ëffentlechen Déngscht kommen - beim LuxTram ansetzen. Déi hätte sécherlech och déi Kompetenze gehat an hätten och sécherlech Lëtzebuergesch geschwat, dann hätte mer déi...

A mir hätten och doudsécher ënnert deenen 20.000 Leit, déi hei am Land nach eng Plaz sichen - an et kommen all Dag nei Leit op de Maart -, Leit fonnt, déi Lëtzebuergesch geschwat hätten an déi genuch Franséisch kannt hätten. Mä um Tram muss een also elo fir d'Éischt Franséisch schwätzen - dat muss een! -, a wann ee Lëtzebuergesch schwätzt, dann ass et keng Schikan, da kann een dat derbäi hunn.

Do gesäit een - an duerfir hu mer e Problem dermat -, datt hei systematesch och elo versicht gëtt, an den ëffentleche Verwaltungen d'Lëtzeburger Sprooch auszuklénken. An duerfir hu mir och eise Problem mam Artikel 2, datt do kéint en Abus bedriwwen ginn, datt dann ebe Posten, jee nodeem, wéi se ausgeschriwwen ginn, déi éischt an déi zweet Keier net vun engem besat ginn, deen d'Lëtzeburger Sprooch kennt, an datt dann eben eng drëtte Keier ausgeschriwwen gëtt an dann een dee Poste kritt, deen d'Lëtzeburger Sprooch net kennt.

Et ass just signifikativ fir dës Regierung, déi no baussen ëmmer wëllt dokumentéieren, si géif sech fir d'Lëtzeburger Sprooch asetzen, mä systematesch (veuillez lire: de Géigendeel mécht!) Esou war et beim Nationalitéitengesetz, esou ass et an der Éducation précoce, esou ass et beim Tram, an elo fäerte mer, geet et och bei de Gemengen esou, datt iwwert dee Wee Leit an d'Fonction publique an hei am Land op Posten ageballt ginn, déi net méi brauche Lëtzebuergesch ze schwätzen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Da si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Innenminister, den Här Dan Kersch. Neen, den...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Dach, bis elo nach ëmmer.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dach, den Innenminister.

(Hilarité)

Prises de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Merci, Här President. Och alle Kollegee Merci fir hir jeeweileg Riedebäitrag. Ech si virun allem ganz frou, dass mer dës konnten an enger dach zimlech, jo, gudder Geschwindegkeet ëmsetzen, wuel wëssend, dass den Däiwel hei ganz oft am Detail geleeën huet.

Ech wëll mech och ganz besonnesch un all déi wënnen, déi hei an iergendenger Form derzou bäigedroen hunn, dass mer déi Texter konnten ëmsetzen: engersäits natierlech déi Leit a mengem eegene Ministère, anerersäits awer och bei der Chamberscommissioun, mä virun allem och all déi Akteuren, déi zousätzlech do-runner matgeschafft hunn. An dat sinn nu selbstverständlech d'Vertreider vum Syvicol an der Commission centrale an awer och vun deenen zwou Gewerkschaften, déi representativ fir de Gemengesector sinn: d'FGFC an de Landesverband. Mir hunn eng flott Form vun Zesummenaarbecht fonnt gehat. An Aarbechtsgruppen ass geschafft ginn. Ech mengen, et ware ronn 13 Aarbechtssitzungen insgesamt, doriwwer eraus zwou Plenieren, wou ech och selwer derbäi war, an dat huet derzou gefouert, dass mer an engem flotten Tempo dat heite konnte realiséieren.

Ech wëllt vläicht och nach eng Keier op dee sougenannten "Knackpunkt" agoen an och e ganz besonnesche Merci haaptsächlech de Vertreider vun der Oppositioun soen, dass se sech konnte mat op de Wee beginn, fir dës Opposition formelle dann awer net unzuhuelen, well ech wierklech mengen, dass et e wesentlechen Ennerscheid gëtt tëschent engem Patron Stat an deenen 105 Gemengepatrone respektiv och de Syndikater. Well et muss ee jo och wëssen, dass déi derzou mussen gerechent ginn.

An da kommen ech och vläicht op déi Bemierkung, déi den Här Gibéryen gemaach huet: Firwat ass den Artikel 2 esou geschriwwen ginn, wéi en elo dosteet? Ma well dat tel quel och bei der Fonction publique esou geschriwwen ass a mer wollten de Gemengen u sech déi nämlech Méiglechkeete gi vun Astellungen, wéi dat och beim Stat de Fall ass.

Et ass och esou, dass et selbstverständlech och am Gemengesector zouneemend héichspezialiséiert Emploie gëtt, déi mer sichen a wou mer och an der Konkurrenz si mam private Secteur. Ech huelen d'Beispill vun der Informatik, wou et praktesch onméiglech ass, Lëtzeburger ze fanne respektiv Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Awer och am Beräich vum Architekturwiesen oder vum Ingenieurswiese gëtt et zouneemend méi schwéier, fir Leit ze fannen, déi alleguerten zu deem Moment, wou ee se wëllt astellen, déi dote Konditiounen erfëllen, déi mer fréier haten.

Mir wëssen awer, dass mer op där anerer Säit amgaange sinn, eis technesch Servicer opzerüsten, op där anerer Säit och amgaange sinn, hinne méi Kompetenzen ze ginn. Am Kader vum Omnibusgesetz kënnen an Zukunft d'Gemenge selwer iwwer hir technesch Servicer Ofännerunge vu PAGE maachen, selwer PAPE maachen. An dofir mengen ech schonn, dass dat heiten eng Bestëmmung ass, déi de Gemengen an Zukunft d'Saach wesentlech méi einfach wäert maachen, wéi dat am Moment de Fall ass.

An deem Sënn nach eng Keier e grouse Merci, virun allem och un de Rapporteur, deen et esou duergestallt huet, dass ech net op all Detail nach eng Keier muss eenzel agoen. An e grouse Merci fir dat Vertrauen, wat sech bis elo hei ofgezechent huet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Innenminister. An den Här Minister fir nohalteg Entwécklung, den Här François Bausch, deen ugeschwat ginn ass, kritt selbstverständlech och d'Wuert.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Ech wollt dat awer emol richtigstellen, well den Här Gibéryen huet et a senger fir hien typescher Akrobatik natierlech fäerdegbruecht - sproochlecher Akrobatik, wollt ech awer soen, selbstverständlech -, fir d'Saachen e bëssen ze verdréinen. An ech wollt awer soen, wéi se wierklech sinn. Et steet net bei der Ausschreiwung vun de Plazen dran, datt d'Lëtzebuergesch och nach quasi gedult ass. Et steet dran, datt, wann ee Lëtzebuergesch kann,...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

...datt een dann, Här Gibéryen, e Virdeel huet par rapport zu deenen, déi kee Lëtzebuergesch kënnen. Also ass et donc scho kloer eng Bevirdelegung vum Lëtzebuergesch. Dat ass emol dat Éischt.

(Interruptions)

Jo. An da kommen ech bei deenen zweeten...

Här President, gitt hinnen eng kleng Berouegungspëll, datt se sech packen!

(Brouhaha)

Da kommen ech bei deenen zweeten Punkt...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, ech hu just homeopathesch Mëttelen.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Bon, déi wirken awer bei deenen do net, Här President. Dat ass de Problem.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann een dru gleeft!

(Hilarité)

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Da kommen ech bei deenen zweeten Punkt.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et gëtt keng...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift! Wann ech gelift!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Da kommen ech bei deenen zweeten Punkt, dat ass mam Franséischen. Dat ass net anescht wéi an anere Betriber, wou héichtechnesch Reglementatiounen bestinn, déi natierlech vum Fran-

séischen zum Beispill hierkommen. Datt een natierlech muss der franséischer Sprooch mächtig sinn, fir kënnen do ze schaffen, bei verschiddene Beruffer op alle Fall, zum Beispill d'Mecanicienen, déi do d'Instruktiounen mussen liesen fir dat Material - dat jo bekanntlech net zu Lëtzebuerg gebaut gëtt, mä a Spuenien gebaut gëtt a wou och donc aus Spuenien d'Reglementatioun heihinnergeschéckt gëtt net op Lëtzebuergesch, mä an enger anerer Sprooch -, datt ee muss Franséisch kënnen, dat ass natierlech evident: Fir do ze schaffen, muss een och der franséischer Sprooch mächtig sinn!

Also et ass kloer, mat Lëtzebuergesch huet een e Virdeel, an en plus ass et wichteg, datt ee Franséisch muss kënnen. Dat ass iwwerens net anescht...

(Interruptions)

...wéi bei anere Betriber, wou dat äänlech ass.

(Brouhaha)

Bei der Cargolux zum Beispill, do ass jo och de Stat e groussen Aktionär, do muss een zum Beispill haaptsächlech Englesch kënnen als Sprooch, soss kann een net ageballt ginn.

Da wëll ech dem Här Gibéryen awer och nach soen, datt LuxTram kee staatleche Betriber ass, et ass keng ëffentlech Verwaltung! Dat ass eng SA, déi zwar zu 100%...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Voilà!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Voilà!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...der ëffentlecher Hand gehéiert, iwwerens net 50:50, wéi Der et gesot hutt, mä 75:25.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...awer zu 100% ëffentlech ass.

► **Une voix**.- ...100% franséisch.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- 100% franséisch ass se.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun an ech géif lech bieden, iwwert de Projet 6932 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6932 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

(Brouhaha et interruptions)

Madamm Loschetter, maacht mech net duerjerneen!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Sorry, sorry.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

De Projet 6932 ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

(Brouhaha)

Sou, vu dass d'Hoffnung jo eigentlech déi ass, déi zum Schluss eréischt stierft, géif ech trotzdem d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens ze froen. Och wa mer se vläicht net kréien, géif ech mengen, dass mer se zumindest sollte froen.

(Assentiment)

► **Une voix**.- Mir ginn se. Mir ginn eis se.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also mir géife se jiddefalls froen. Wa mer se net

kréien, da wësse mer, dass mer nach eng Keier erëmkommen.

Voilà. Dat gesot, géife mer dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Évolutioun vum Chantier Tram. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Lorsché, där hir Fraktioun déi doten Aktualitéitsstonn ugefrot huet. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

5. Heure d'actualité du groupe politique déi gréng au sujet de l'évolution du chantier «tram» et des projets connexes

Exposé

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 20. November 1996, dat sinn iwwer 20 Joer hier, huet hei an der Chamber eng éischt Debatt...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Kolleegen, et ass ganz schwéier fir d'Riednerin, wann eng Oprochstëmmung hei ass. Ech géif da waarden, bis dass et erëm e bësse méi roueg am Sall ass, fir dass och jiddweree kann nolauscheren.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Den Här Gibéryen, deen ass och gläich fäerdeg.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift! Här Gibéryen!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et war wichteg.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dat kann een dann och dobausse maachen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Gutt. Also ech fänken dann nach eng Keier un.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Fänkt nach eng Keier un, Madamm Rapporteur.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, wéi gesot, den 20. November 1996,...

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift elo!

► **Une voix**.- ...versteet en Direkter vu Lux-Tram net.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ...Här Gibéryen, dat sinn iwwer 20 Joer, huet d'Chamber sech eng éischte Keier mam Projet vum Tram ausneeegesat. Dat wësst Der ganz bestëmmt. De 4. Juni 2014 huet d'Chamber e Gesetz gestëmmt, fir déi éischt Phas vum Tram ze finanzéieren. Den 18. September 2015 ass den éischte Steen, de Grondstee vum neien Tramsschapp geluecht ginn. Den 9. Februar 2017 ass den éischten Tram vu Saragossa zu Lëtzebuerg ukomm. A virgëschter, den 21. März 2017 ass den éischte Funiculaire zu Lëtzebuerg agetraff, deen den Tram an enger nächster Phas da wäert mam Pafendall verbannen.

Eng weider Etapp an dëser laanger Geschicht ass dee Chantier, deen net gemittlech ass, deen awer onëmgänglech ass, fir datt den Tram duerch d'Stad ka fueren. Op wéi enger Streck déi éischt Faart wäert stattfannen, ass scho bekannt. Et ass d'Streck tëschent der Luxexpo an der Rouder Bréck, déi bis Enn des Joers a Betrib soll goen, jiddefalls den offiziellen Informatiounen no, grad wéi och d'Verbindung erof an de Pafendall, mam Funiculaire wuelgemierkt.

Manner bekannt ass awer, wéi et duerno weidergeet a virun allem, wéi séier datt et duerno weidergeet, éischters a Richtung Gare, wou mir vun lech wëlte wëssen, Här Minister, wéi déi Zäitschinn ausgesäit, an zweetens dann a Richtung Bouneweg, Houwald a Cloche d'Or respektiv a Richtung Héienhaff, als zweet Phas vum Projet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir soen et scho ganz laang: De Schlëssel vum Erfolleg vum Tram ass a bleift fir eis d'Vitesse, mat där de ganze Projet an net just e Stéck vum Projet ëmgesat gëtt. Dowéinst si mir frou, datt de Regierungsprogramm vun 2013-2018 net nëmme virgesäit, déi éischt Phas vum Tram integral ëmsetzen, sou wéi dat och vum fréieren Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler geplangt war; mir sinn nach méi frou, datt de Regierungsprogramm och virgesäit, déi zweet Phas ze akzeleréieren an net bis 2030 ze waarden, wéi dat ursprénglech geduecht war.

Här President, fir dës Noutwendegkeet ze ënnersträichen, huet d'Chamber de 4. Juni 2014 beim Vott vum Gesetz eng Motioun ugeholl, wou se d'Regierung opgefuerdert huet, déi zweet Phas ze akzeleréieren, déi néideg Etüden ze realiséieren an esou séier wéi méiglech e Finanzéierungsgesetz fir déi zweet Phas op den Dësch ze leeën.